

De Landjugenddag feiert säi 40. Gebuertsdag zu Housen

De regionale Landjugendgrupp Furen huet sech der Erausfuering gestallt, fir datt och déi 40. Editioun vum beléiften Treffen vun der Jugend vum Land e Succès gëtt.

U gefangen huet alles am Joer 1975, wou den éischte Landjugenddag zu Èlwen organiséiert gouf. An der Tëschenzäit huet sech dësen Dag zu enger fester Manifestatioun am Aktivitéitskalenner vun der *Lëtzebuurger Landjugend a.s.b.l.* a vu ville Jugendveräiner entwéckelt. Den 29. Mee 2014 kënnen mir déi 40. Editioun feieren. Mir vun der Furener Landjugend hunn äis gäre bereet erklärt, fir d'Organisatioun dovun ze iwwerhuelen an äis op en Neits der Erausfuering ze stellen. Mat vill Freed, Ausdauer an Teamwork huet eise Grupp un de Preparatiounen vun deem groussen Dag geschafft. Ech wëll bei dëser Geleeënheet ervirsträichen, datt mir vun deenen Zoustännegen aus der Gemeng *Parc Housen* mat oppenen Äerm empfaange goufen. Dem Här Buergermeeschter an dem Schäffen- a Gemengerot wëlle mir deemno eise grouse Merci fir hir Ënnerstëtzung aussprieche.

„2.0“ ass d'Thema vun dësem Joer a soll an éischer Linn drop hiweisen, datt et no 1992, déi zweeten Editioun ass, wou de Landjugenddag zu Housen organiséiert gëtt. 2.0 steet awer och fir de Generatiounswiessel, dee mir äis mat Hëllef vun dësem Dag erhoffen an esou dem Nowuessproblem an eisem Grupp entgéintwierke kënnen.

E Landjugendgrupp, dee weist, wat an em stécht

Mir loossen äis trotzdem net esou einfach ënnerkréien an hale weiderhin un eisen traditionellen Aktivitéiten op regionaler a nationaler Basis fest. Esou stellen sech eemol am Joer d'Kënschtler ënnert äis op d'Theaterbühn zu Branebuerg a beweisen do hiert Talent. Bei de *Landjugend-Power-Aktiounen* si mir och ëmmer nees derbäi an hu schonn e puer Mol gewisen, wat an äis stécht. Bäi dëse benevolen Aktiounen geet et drëm, fir a 36 Stonnen eng Aarbecht am Déngscht vun der Allgemengheet ze realiséieren, déi déi eenzel Gemengen dem jeeweilige Landjugendgrupp proposéieren. Sou hu mir zum Beispill am Joer 2012 zu Duerschicht nieft dem Duerflokale eng iwwerdeckte Grillplaz operéiert.

Doniewent bidde mir eise Memberen awer och nach eng Hellewull vun anere Fräizäitméiglechkeeten un, déi mir oft spontan organiséieren, wéi Karting fueren, Keele spillen, Theater kucken, Touren am In- an Ausland,...

Et bleift mir elo just nach ze soen, datt mir äis den **29. Mee 2014** dann hoffentlech zu Housen gesinn. Mat vill Spaass, Kraaft an Nodenken, kommt Dir da sécher op eisem 40. Landjugenddag un Äert Zil.

Patrick Coenjaerts
President

Zesummesetzung vum Comité vun de Furener:

President:	Patrick Coenjaerts
Vizepresidentin:	Carine Thinner
Sekretär:	Jeanne Berlo
Keessier:	Michelle Thinner
Memberen:	Anne Gils, Christophe Kessler, Ted Wilwert